# Recommandatioune vum 9. Zyklus vum EU-Jugenddialog 2022-23

## *Zesumme fir en nohaltegt an inklusiivt Europa*

*Zil vun der leschter EU-Jugendkonferenz a Schwede war et, eng Rei vu Recommandatioune fir den 9. Zyklus auszeschaffen. Se baséieren op de Resultater vun den zwou éischte Konferenzen a Frankräich an der Tschechescher Republik an der qualitativer a quantitativer Fuerschung, déi an dësem Zyklus duerchgeféiert gi sinn. Déi weesentlech Theemen hu Folgendes beinhalt: liewenslaangt inklusiivt Léieren, dat d'Verständnis fir de Klimawandel a seng Auswierkunge fërdert, generatiounsiwwergräifend an interdisziplinär Usätz fir deene Jonken d'Fäegkeeten, d'Outilen an d'Informatioune mat op de Wee ze ginn, déi se brauchen, fir sech fir Nohaltegkeet ze engagéieren.*

### Recommandatioun 1 – Informatioun an Educatioun

**Sécherstelle vun engem gläichberechtegten Zougang zu benotzerfrëndlechen Informatiounen iwwer Nohaltegkeet a Klimawandel duerch eng inklusiv an netformal a formal Bildung, déi d'Handlungskompetenz stäerkt, woumat den Dialog tëschent de Generatiounen an de Generatiounen hiert géigesäitegt Léiere vunenee gefërdert ginn.**

Eis Resolutioun fuerdert zouverlässeg an inklusiv Informatiounen zu den Theemen Nohaltegkeet a Klimawandel. Dës barriärefräi Contenuen, déi fir all Altersgruppe verständlech sinn, fërdere méi e gréngt Europa. Mir proposéieren, dës Theemen a verschidde Bildungsformater ze integréieren an dobäi formal an netformal Kontexter ze berücksichtegen. Duerch dat gemeinsaamt Léiere schafe mir Raum fir ënnerschiddlech Usiichten, wäertschätze mer kulturell a sozioekonomesch Diversitéit a setze mir eis fir Klimagerechtegkeet an. Mir leenen et of, datt Jonker d'Konsequenze vu politesche Mesuren, déi se net erstallt hunn, imposéiert kréien. All d'Generatioune musse sech un der Klimabildung bedeelegen.

Jonker brauchen d'Kompetenzen, d'Wëssen an d'Plattformen, fir wierksam Mesuren ergräifen ze kënnen. Et ass vu grondleeënder Bedeitung, d'Potenzial vun der netformaler Bildung ze notzen an hir praktesch Virdeeler unzeerkennen. Eisen interdisziplinären Usaz bezitt Jugendorganisatiounen an Informatiounsservicer an. D'Léierpersonal brauch Zougang zu Ressourcen, fir déi néideg Ausbildung an déi entspriechend Fäegkeeten ze kréien. Dëse lafende Prozess muss stänneg bewäert, iwwerwaacht a verbessert ginn.

## Recommandatioun 2 – Befäegung an Empowerment

**Sécherstelle vun onofhängege Berodungsgremien op lokalem Niveau (z. B. Jugendvertriedungen), déi sech aus jonke Leit zesummesetzen a vun hinne gewielt ginn, woubäi en intersektionale Schwéierpunkt op Jonke mat méi geréngе Chancë läit an en nohaltegen Usaz verfollegt gëtt.**

Ëmmer erëm gi Jonker aus Entscheedungen, déi hir Zukunft nohalteg beaflossen, ausgeschloss. Fir deem ze begéinen, setze mir eis fir d'Stäerkung vu Bottom-up-Bedeelegungsmechanismen op lokalem Niveau an, sou datt Jonker, besonnesch benodeelegt Gruppen, handlungsfäeg ginn. A verschidde Länner (z. B. Finnland, Estland, Schweden) ginn et zwar Berodungsgremien, en europawäite Kader ass awer néideg, fir méi effizient Modeller fir Matentscheedungsprozeduren tëschent deene Jonken an den Autoritéiten op lokalem Niveau ze schafen. Esou en Usaz muss nohalteg an inklusiv gestalt ginn an ënnerschiddlech Hannergrënn an Erfarunge mat abezéien. Eng intersektional Perspektiv dréit der Tatsaach Rechnung, datt eng Persoun gläichzäiteg verschidde Forme vun der Diskriminéierung ausgesat kéint sinn. Dës Gremie sollten am Kader vun demokratesche Prozesser gebilt ginn, déi vu Jonke geleet ginn an an deenen déi Jonk selwer d'Persoune wielen, déi se vertriede sollen. D'Prozedur kann dem jeeweilege lokale Kontext Rechnung droen.

An der Politikgestaltung op lokalem Niveau fungéieren d'Membere vun de Gremien als Stëmm vun de jonke Leit. D'Memberstaate sollten d'Abezéiung an d'Vertriedung vun de Jonken als Prioritéit ugesinn. Duerch onofhängeg Berodungsgremien op lokalem Niveau an d'Befäegung vun de Jonken, besonnesch vu benodeelegte Gruppen, léisst sech eng besser Zukunft fir jidderee schafen.

## Recommandatioun 3 – Wierksam Bedeelegung

**Sécherstellung vun der Rechenschaftsflicht an der Transparenz bei der Politikgestaltung an de Beräicher Ëmwelt an nohalteg Entwécklung souwéi Ënnerstëtzung vu Bedeelegungs- an Evaluéierungsmechanismen, déi dëst op lokalem, regionalem an europäeschem Niveau erméiglechen (z. B. Jugendgremien, Jugendtester).**

Den 9. Consultatiounszyklus am Kader vum EU-Jugenddialog huet gewisen, datt bei de Jonken a Bezuch op d'Wierksamkeet vun de Mechanisme fir d'Gestaltung vun der Wirtschafts-, Sozial- an Ëmweltpolitik grousst Mësstrauen herrscht. Trotz de Beméiungen, fir déi Jonk an dës Prozesser anzebannen, berichte Jonker, datt hiert Engagement wuel net zu politeschen Ännerunge wäert féieren. Mat dëser Recommandatioun soll séchergestallt ginn, datt déi Jonk an de gesamte politeschen Entscheedungsprozess mat abezu ginn. Dozou gehéiert, datt hir Stëmme gehéiert an d'Mesuren, déi vun den Entscheedungsdréier ergraff ginn, weiderverfollegt ginn. Iwwer d'Ännerungen, déi erziilt gi sinn, soll ëffentlech bericht an d'Ausbleiwe vun esou Ännerunge soll bannent engem bestëmmten Zäitraum gerechtfertegt ginn.

Dëst wäert op allen Niveauen zu méi Transparenz a Rechenschaftsflicht vun der Politikgestaltung bäidroen. D'Recommandatioun dréit dozou bäi, datt d'Roll vun de Jugendgremien – dorënner lokal, regional an europäesch Jugendvertriedungen – gestäerkt gëtt, den EU-Jugenddialog gestäerkt gëtt an Instrumenter fir d'Follegenofschätzung wéi Jugendtester ageféiert ginn. Dëst erméiglecht méi geziilt politesch Mesurë fir Ongläichheeten ofzebauen an aktuell ewéi zukünfteg Generatiounen ze ënnerstëtzen.

## Recommandatioun 4 – Mobilitéit a Solidaritéit

**Ausschaffe vun Aktiounspläng fir de formalen Educatiounssecteur an den Aarbechtsmaart, fir fir déi formell Unerkennung vun Erfarungen a Schlësselkompetenzen ze suergen, déi duerch d'Participatioun u Fräiwëllegentätegkeeten a Léiermobilitéit ugëeegent gi sinn.**

Am Kader vum Europäesche Joer vun de Kompetenzen 2023 huet sech eng dréngend Prioritéit erauskristalliséiert: d'Ëmschoulung an d'Weiderbildung vun den Aarbechtskräften. Dëst dréit zu engem nohaltege Wuesstem bäi, verbessert déi formal Bildung a stäerkt den Aarbechtsmaart. Dofir ënnerstëtze mir nodrécklech d'Participatioun vun der europäescher Jugend un der Fräiwellegentätegkeet an der Léiermobilitéit als aktive Léierprozess fir déi weider Kompetenzentwécklung. Mee net nëmme bei de jonke Leit, mee och op Säite vun de politeschen Entscheedungsdréier, de Bildungsariichtungen an den Employeuren herrscht e Mangel u Verständnis fir de Wäert vun dësen Erfarungen an de Kompetenzen, déi se férderen. Fir vill jonk Leit kann d'Mobilitéit wéinst feelenden Informatiounen, Sproochebarriären, ongenügende finanzielle Mëttel oder soss perséinleche Flichte leider net wouergeholl ginn. Dat weist, wéi wichteg jugendgerecht a liicht zougänglech Informatiounen aus fiabele Quellen esou wéi eng ëmfaassend Informatiounscampagne sinn, fir datt all déi Jonk an Europa dës Chancen erkennen a wouerhuele kënnen an esou méi eng inklusiv Gesellschaft, esou wéi d'Jugendzil Nr 3 et virgesäit, férderen.

Fir dëst Uleies virunzebréngen, sollt d'Europäesch Kommissioun e Prozess aleeden, deen d'Memberstaate mat abezitt. Bannent engem Zäitraum vun zwee Joer sollten d'Memberstaaten national Aktiounspläng ausschaffen, fir d'Fräiwëllegentätegkeeten an d'Léiermobilitéite fir Jonker, besonnesch fir déi mat begrenzte Chancen, méi liicht zougänglech ze maachen. Doriwwer eraus sollten d'Memberstaaten e Kader fir déi formal Unerkennung vun de Kompetenzen a Fäegkeete schafen, déi am Kader vu kuerz- a laangfristege Fräiwëllegentätegkeeten a Mobilitéitserfarungen erziilt gi sinn. Dës Unerkennung sollt an hir Aarbecht a Liewensleef afléissen.

## Recommandatioun 5 – Zougang zur Infrastruktur

**Bereetstellung vun engem erschwénglechen an zougängleche „Jugend-Klimaticket“ als universaalt multimodaalt Instrument fir den ëffentlechen Transport op regionalem, nationalem an internationalem Niveau an Ënnerstëtzung vun de Memberstaate bei der Férderung vun nohaltegen ëffentleche Verkéiersmëttel duerch déi Europäesch Kommissioun.**

Trotz de bestoende Vergënschtegungen am Transportwiese stelle regional Disparitéiten ëmmer nach e Problem fir Jonker duer, besonnesch a ländleche Géigenden, wou d'Verkéiersmëttel veraalt oder onvollstänneg sinn. Dëst wierkt sech op d'Ausbildung, d'Aarbecht an den Alldag aus. Fir deem ze begéinen, ass et néideg, den ëffentlechen Transport ze verbesseren a fir eng besser Disponibilitéit, Erschwénglechkeet an eng allgemeng Zougänglechkeet ze suergen. D'Notze vun ëffentleche Verkéiersmëttel duerch jonk Leit verréngert d'Ofwandere vun de ländlechen an déi urban Géigenden. Dëst dréit dozou bäi, datt ländlech Bevëlkerung dobleift a färdert nohaltege Wunnraum esouwuel a ländleche wéi och an urbane Géigenden. Mat der Initiativ fir e Jugend-Klimaticket soll en einfache System ageféiert ginn, mat deem de jonke Leit zougänglech, erschwénglech a gutt ausgebaut ëffentlech Transportmëttel op regionalem, nationalem an internationalem Niveau zur Verfügung gestallt ginn. Mir gleewen un e ganzheetlechen Usaz fir sozial an ekologesch Nohaltegkeet. Dës Initiativ soll jonk Leit ureegen, sech fir nohalteg Reesméiglechkeeten ze entscheeden an d'Memberstaaten encouragéieren, a laangfristeg nohalteg Infrastrukturen ze investéieren an d'Mobilitéit an d'Solidaritéit tëschent de Memberstaaten ze verbesseren.

De Jugend-Klimaticket vun der EU schléit e Pilotprogramm vir, mat deem eng eenheetlech digital Plattform op dräi Niveauen – dem regionalen, dem nationalen (fakultativ, mat Ënnerstëtzung vun der Europäescher Kommissioun fir Memberstaaten, déi wëlle matmaachen) an dem internationalem Niveau (ënnerläit der EU-Harmoniséierung) – geschaf soll ginn. Dës Plattform wäert sech un déi national Präisser upassen an als Dréischeif fir den Austausch iwwer bewäert Verfaren déngen. Andeem mir nohalteg ëffentlech Verkéiersmëttel zur Prioritéit maachen, wëlle mir déi Jonk an eng Lag versetzen, wou se sech kënne verwierklechen amplaz einfach nëmmen ze iwwerliewen.